N°718
Entrée le 05.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 718 vum 10. Mee 2024 vun den honorablen Deputéierten Marc Goergen a Ben Polidori betreffend dem Mathuelen vun Hausdéieren oder Wallissen am Service Adapto**

Laut hirer parlamentarescher Fro wieren déi honorabel Deputéiert vu betraffene Persounen ugeschwat ginn datt op engem Trajet am Adapto keng Wallissen oder Hausdéier erlaabt wieren.

Den zoustännege Service an der Verwaltung fir ëffentlechen Transport hat zum Thema Wallissen am Adapto eng rezent Ufro, fir kënnen op engem Trajet fir eng Vakanz Wallissen matzehuelen. Opgrond vun der kuerzfristeger Ufro an de feelenden Detailer konnt dësen Trajet awer net mat de Wallissen assuréiert ginn.

Di konkret Froe vun den éierewäerten Deputéiert kënne follgendermoosse beäntwert ginn.

*1. Kann d'Ministesch bestätegen, dass am Kader vun engem Trajet mam Adapto keng Hausdéieren oder Wallissen dierfe matgeholl ginn? Wa jo, wat sinn d'Grënn heivir?*

Op all Trajet mam Adapto ass et prinzipiell erlaabt, Hausdéier a Wallisse matzehuelen. Et ass awer wichteg, déi Informatioun am Viraus den Organisateure vum Service matzedeelen. Ech erënneren drun, datt den Adapto e Sammeltransport ass mat deem och nach aner Clientë kënne matfueren. Besonnesch wann et sech ëm méi voluminéis Wallissen handelt, muss kënne séchergestallt ginn, datt och en adaptéiert Gefier agesat gëtt wou genuch Plaz dran ass.

Ech verweisen op d'"Conditions générales d'accès et d'utilisation du service Adapto", déi mam Formular vun der Demande online ze fanne sinn, déi mam Areeche vun der Demande akzeptéiert gi sinn, an déi nach eemol zesumme mat der Adapto-Kaart verschéckt ginn. An dëse steet Follgendes: "Les bénéficiaires sont autorisés à transporter un sac dont la taille ne dépasse pas celle d'un bagage à main standard."

https://www.mobiliteit.lu/wp-content/uploads/2023/08/Conditions-dutilisation-Version-20230109.pdf

https://guichet.public.lu/fr/citoyens/transport/transports-commun/cartes-acces-priorite/carte-mobilite-reduite-adapto.html

*2. Wa jo, ass geplangt, dëst ze änneren an et esou ze erméiglechen, dass och bei Trajete mam Adapto dierfen Hausdéieren oder Wallissen matgeholl ginn?*

D'Fro ass duerch den 1. Punkt scho beäntwert. Eppes Anescht ass de Moment net geplangt.

*3. Wéi vill accessibel Taxie ginn et hei am Land, déi grouss genuch sinn, fir souwuel ee Rollstull wéi och Wallissen mathuelen ze kënnen?*

Beim Service Adapto handelt et sech net ëm en Taxi Service, mee ëm eng Form vun Transport op Ufro fir Leit mat enger kierperlecher oder mentaler Behënnerung. Dëse gëtt als Alternativ zum ëffentlechen Transport zur Verfügung gestallt. Aktuell ginn et 616 aktiv Gefierer, déi mindestens ee Rollstull transportéiere kënnen, an ongeféier 130, déi eng sougenannten "Chaise roulante lourde" transportéiere kënnen. Allerdéngs ass et net méiglech fir an all Gefier och zousätzlecht gréissert Gepäck kënne matzehuelen. Dëst ass ofhängeg vum Typ vum Gefier an de verschiddenen Amenagementer a Positioune vun de Sëtzer.

Dat aktuellt Gesetz iwwert d'Taxie gesäit kéng Obligatioun fir Taxisbetriber fir, eng Beförderung vum Client mam Rollstull maachen ze mussen. Aus dem Grond entzitt sech dem Ministère sénger Kenntnis wéi vill Taxien entspriechend equipéiert sinn.

Lëtzebuerg, den 5. Juni 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes